# TERRAVIVA NEWS

## Hike | Atelieren



Um 4. Dag vum Camp war et dunn endlech um Hike: Déi éischt 2 Souscampen hu sech op de Wee gemaach an hunn hire Wee fir op d'Schlofplaz mat Hëllef vun engem Roadbook gesicht. Haut ass et dann och un deenen 2 anere Souscampen esou dass d'Campplaz wärend e puer Stonnen eidel ass bis déi éischt Avex vun der Schwämm zréck sinn.



Wann dir no der Avexbar erëm zeréck gitt an är Trupp, sollt dir äre Becher net vergiessen an d'Avexbar och propper hannerloossen!

Léif Chef, hei kennt dir är Fotoen eroplueden déi dir gäre wëllt mat eis deelen!



TERRAVIVA 2023

# Atelieren



Haut war et um Souscamp Loft fir d'Atelieren! Esou hu si Woll veraarbecht, Makramee gemaach, gebitzt a Still & Dëscher verschéinert!













# Hike

Hei e puer Impressioune vum Hike ir mer Muer en Artikel vun 3 Avex vum Cents déi sech fräiwëlleg gemellt haten hei kënne liesen!
















# De Kapp am Pentagon



Wanns du däi Kapp hei am Pentagon gesäiss, da komm bis um 17:30 Auer bei d'Sekretariat an da kriss de e klenge Kaddo vun eis!

## Rätsel

*D'Opléisung vu gëschter: Ee Pullover*

**Ein Junger Mann sagt zu seiner Mutter: “Frag du doch mal die Tochter meines Vaters, was sie der Tochter seines Vaters zum Geburtstag schenkt.”**
**Wer will wem was schenken?**

*D'Opléisung gëtt et muer!*

## Gutt ze wessen

Wollts de schonn ëmmer eng Kéier wësse wéi vill Offall op engem Camp produzéiert gëtt?
Bis elo sinn et:
- 720 Liter Biooffall,
- 2.400 Liter Valorlux,
- 3.300 Liter Reschtoffall,
- 3.600 Liter Pabeier a Kartong,
- ronn 200 Liter Glas.

## Wieder vum 21. Juli 2023

Source: Meteolux

